ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An Däitschland entscheed am Juni de Bundesrat driwwer, op d'Maghrebstaaten Marokko, Algerien an Tunesien als sécher Hierkonftslänner sollen agestuft ginn, wéi dat jo de Bundestag scho finaliséiert huet. Dowéinst wollt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

1. Gedenkt Lëtzebuerg seng Lëschte vu sécheren Drëttlänner a sécheren Hierkonftslänner am Kontext vun der Migratiounskris ze iwwerschaffen?
2. Ass Lëtzebuerg, wéi Däitschland, der Meenung, datt Marokko, Algerien an Tunesien als sécher Hierkonftsstaaten anzeschätzen sinn?
3. Wéi vill vun de Migranten, déi an de leschten zwee Joer op Lëtzebuerg komm sinn a nach kommen, sinn iwwer d'Maghrebstaaten agereest respektiv si Bierger vun den dräi Länner Marokko, Algerien oder Tunesien?
4. Wat geschitt op europäeschem Niveau aktuell, fir d'Lëschte vu sécheren Drëttlänner a sécheren Hierkonftslänner ze harmoniséieren, eng gemeinsam Prozedur an eventuell gemeinsam Kritären ze fannen?
5. Wat war an deem laangjäregen Dossier vun enger gemeinsamer europäescher Lëscht vu séchere Länner d'Lëtzebuerger Positioun a wat ass se haut? Wéi huet Lëtzebuerg an de Méint vu senger Presidence probéiert, op d'Erstelle vun enger gemeinsamer Lëscht hinzeschaffen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten